



drop higewisen - Sensibilisierungsaktiounen, mä awer och Formatiounen a Campagnen zum Thema Handicap an deene verschiddenste Beräicher an zu deene verschiddenste Problematiken organiséiert ginn.

Ech soen all deene Merci, déi de Mëtteg hei konstruktiv an dëser Debatt derbäi waren a wënschen, datt mer wirklech net nëmmen d'Gesetz zu enger grousser Majoritéit gestëmmt kréien, mä datt mer och e flotten Aktiounsplang fäerdeg kréien, dee sech a kuerzer Zäit, sécher och mëttelfristeg an och e bësse méi laangfristeg kann ausdehnen, well mer müssen och wëssen, alles dat, wat mer maachen, och am Interessi vu behënnerte Leit, ass och eppes, wat eis alleguerten zeguttkënn. Alles, wat méi accessibel ass, ass net nëmme besser fir een, dee behënnert ass, mä ass och méi liicht fir déi Leit, déi et net sinn.

Duerfir nach eng Kéier villmools Merci, a villmools Merci och fir Är Mataarbecht bei dem net nëmmen Ausschaffen, mä och herno bei dem Ausféiere vun deem Aktiounsprogramm!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Familljeministes. Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech wollt d'Wuert froen nom Artikel 42.2 „Fait personnel“.

(**Interruptions**)

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, ech ginn lech d'Wuert. Ech bieten lech awer, lech esou auszedrécken, datt Der d'Dignitéit vun dësem Haus, a ganz besonnesch d'Dignitéit vun dëser Debatt respektéiert.

► **Une voix.** - Vun all eenzelne Member.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, dat ass eng Selbstverständlechkeet an ech soen lech Merci fir d'Wuert. Ech hu selbstverständlech och virdrun, mengen ech, d'Dignitéit vun der Debatt respektéiert.

Ech wëll véier Punkte maachen. Deen éischten ass: Eng Konventioun wéi déi, déi mer haut ratifizéieren, kann een net selektiv lisen. Verschidde Kolleegen hunn iwwert d'Éducation geschwat, iwwert d'Mobilitéit, iwwer aner Aspekter. D'Recht op d'Liewen ass Deel vun dëser Konventioun, Artikel 10; d'Recht op Sécherheet, Artikel 14. An dat Eenzezt, wat ech do gemaach hunn, ass och déi Aspekter vun der Konventioun ënnerstrach, déi gläichberechtigt mat allen aneren an där Konventioun stinn.

Deen zweete Punkt, deen ech wëll maachen, ass den Émgank hei ënnereneen. Ech ginn accuséiert. Ech hunn hei meng Veruechtung fir kee Kolleg ausgedréckt! Anerer ware manner virsiichteg an hire Wieder, déi se mir géint-iwwer gebraucht hunn. Ech ginn dovun aus, mir vertrieben hei alleguer d'Lëtzebuerger Vollek, mir droen en Titel, mir sinn éierbar Leit. Ech mengen, mir sollten och am Émgank ënnereneen déi Terminologie duerchaus respektéieren an eis net géigesäitig mat Begrëffer wéi Veruechtung entgéintrieden.

Dat Drëtt ass: Hunn ech Zitater, déi ech gebraucht hunn, aus engem Kontext zesummege-rappt? Bon, et sinn Zitater. Mä ech mengen, all Lëtzebuerger Bierger kritt a säi Stot de Kammerbericht geschéckt, a jiddweree kann noliessen, wat iwwert d'Amendementer vum Euthanasiegesetz hei gesot ginn ass.

Jiddweree ka sech eng Meenung maachen, ob dat, wat ech gesot hunn - dat sinn Zitater, wou iwwert d'Amendementer vun deem Gesetz geschwat ginn ass -, ob dat aus dem Kontext gerappt ginn ass oder ob et de Geescht vun deenen Interventiounen an d'Wuert vun deenen Interventiounen erëmgëtt. Ech ginn där Saach mat ganz rouegem Gewëssen entgéint. All Lëtzebuerger ka sech do eng Meenung maachen. An ech sinn iwwerzeegt, datt ganz vill Leit mer wäerte Recht ginn.

An dee leschte Punkt ass: Et gouf gesot, ech wëllt mech hei profiléieren. Erlaabt mer eng ganz perséinlech Bemierkung. Ech maache keng Politik, fir mech ze profiléieren. Ech sinn an d'Politik komm an engem relativ avancéierten Alter, fir fir déi Iddien anzestoen, un déi ech gleewen. An eng vun deenen Iddien ass mäi kathoulesche Glawen, a fir mech ass Katholizismus och antriede fir d'Recht vum Liewen. An dat wäert ech hei an iwwerall, wou ech sinn, ëmmer nees maachen. Ech hu keng basement perséinlech Interessen, fir mech ze profiléieren. Loin de là! Ech hunn dat net néideg. Mä ech gleewen an ech trieden a fir de Rescht vum Liewe (veuillez lire: fir d'Recht op Liewen) vu menge Matmënschen.

Ech soen lech Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Mir sinn elo um Enn vun der Diskussioun. Ech géif och nach eng Kéier wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach

eng Kéier eiser Iwwersetzerin e ganz grouse Merci ze soen. Dat war net einfach. Et war eng laang an eng komplizéiert Debatt.

(**Applaudissements**)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Ech wëll nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et disposition du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Dann nëmmen déi perséinlech Stëmmen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6141 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann hei nach eng Motioun, déi erabruucht ginn ass vum Här Fernand Kartheiser. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen, soss géif ech proposéieren, datt mer direkt géifen driwwer ofstëmmen?

(**Interruptions**)

Neen, et si véier Ënnerschrëfte vun der ADR an eng vum Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Ech bieten lech och, d'Dignitéit ze wahren! Mir stëmmen of iwwert den Inhalt vun enger Motioun. Mir stëmmen net of iwwer aner Aussoen, déi ee vun de Signatairé vun dëser Motioun hei gemaach huet. Dat ass meng Haltung.

Dat Zweet: Zum Inhalt vun der Motioun sinn ech der Meenung, dass eigentlech dat misst drakommen, wat ech virdru gesot hunn, nämlech, wann et ëm d'Accessibilitéit vu Gebaier geet, dass eigentlech misst drakommen, dass an de Règlements grand-ducaux, déi sech op d'Gesetz vum Aménagement des villes et des communes bezieen, dass do onbedéngt misste verbindlech Bestëmmungen drakommen iwwert d'Accessibilitéit fir ënnerschiddlech, divers Eegeschafte, déi dat méi schwéier maachen; fir et esou auszedrécken.

► **M. le Président.** - Soss nach eng Wuertmeldung? Wann dat net de Fall ass, géife mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(**Interruption**)

Den Här Fayot freet nach eng Kéier d'Wuert.

(**Interruption**)

Mir kucken dat no. Wat d'Resultat vum Vote ugeet, sinn et 43 Nee-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen a 6 Enthaltungen. Wann do eppes net richteg ass, da redresséiere mer dat.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée par 45 voix contre, 5 voix pour et 6 abstentions.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel,

Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. Eugène Berger et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen) et Mme Lydie Polfer.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6162 iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat an den Organisatiounen aus dem sozialen an therapeutische Beräich. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht.

(**Interruptions**)

► **Une voix.** - Sot Äddi!

(**Applaudissements**)

► **M. le Président.** - Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Lorsché, den Här Gibéryen an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapporteurice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval.

6. 6162 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique et de la loi du 16 décembre 2008 relative à l'aide à l'enfance et à la famille

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, dee mer haut op der Lee hunn, huet zwee Objeten. Am Ufank sollt just e Kadergesetz vum 8. September 1998, dat d'Relatiounen regelt vum Stat mat de privaten Träger am sozialen, familiären an therapeutische Beräich, dat sougenannten ASFT-Gesetz en Conformitéit gesat gi mat der europäescher Direktiv 2006/123 vum 12. Dezember 2006, besser bekannt ënnert dem Numm Bolkestein oder Direktiv „services“.

Duerch Amendementer vun der Regierung gouf den Objet vum Projet de loi erweidert. An zwar geet et elo zousätzlech drëm, fir de groussherzogleche Reglementer, déi d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille sollten ëmsetzen, eng legal Basis ze verschafen opgrond vun dem Statsrot sengen Avisen zu dësen Texter.

De Projet de loi N°6162 ass vun der Familljeministesche Madame Marie-Josée Jacobs de 16. Juli 2010 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs an e Kommentar vun de jeeweilegen Articlele bāi. D'Famillien-, Jugend- a Chancéglaichheetskommissioun huet während der Réunioun vum 5. Oktober 2010 de Gesetzesprojet eng éischte Kéier analyséiert. Bei där Geleeënheet gouf den honorabelen Här Mill Majerus Rapporteur genannt.

Et koum en Avis zum Gesetzesprojet era vun der Salariatskummer, der Handelskummer an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. De 5. Mee 2011 huet d'Regierung Amendementer abruucht, déi ënner anerem och den Titel vum Gesetz geännert hunn. Den Avis vum Statsrot, deen den esou modifizéierte Gesetzestext aviséiert, koum de 17. Mee 2011 eran.

An der Réunioun vun der Familljekommissioun vum 24. Mee goufen d'Regierungsamendementer virgestallt an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. Zousätzlech gouf ech als nei Rapportrice bestëmmt als Remplacement vum Mill Majerus. Den 1. Juni huet d'Kommissioun nach parlamentaresch Amendementer ugeholl an den Avis complémentaire vum Statsrot war datéiert op de 7. Juni. De 25. Mee war och nach en zousätzlechen Avis vun der Salariatskummer erakomm.

Mä Rapport gouf dunn de 5. Juli majoritär ugeholl, bei zwou Enthaltungen. Insgesamt bewäerten all déi offiziell Avisen d'Gesetzesinitiative als positiv. Fir weider Detailler verweisen ech op déi jeeweileg parlamentaresch Dokumenter.

Wat den éischte Volet vum Gesetzesprojet ugeet, also d'Ëmsetzung vun der Direktiv „services“, ass ervirzehiewen, dass entre-temps d'Kadergesetz vun dëser Direktiv de 24. Mee hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Et geet

jo do haaptsächlech ëm de Prinzip vun der Liberté d'établissement an der Liberté de prestations de services (veuillez lire: libre prestation de services), deen innerhalb vun der EU gëllt.

D'Direktiv bezitt sech op d'Déngschtleeschungen, déi géint Bezuelung ugebuede ginn, gesäit awer och eng Rei Ausnahm vir. Dat aktuell ASFT-Gesetz regelt d'Konditiounen, ënnert deenen d'Servicer aus dem sozialen, familiären an therapeutische Beräich kënnen agréiert ginn, fir hir Déngschtleeschungen géint Bezuelung an dauerhaft unzibidden.

D'Direktiv hirersäits applizéiert sech net op verschidde sozial Servicer, déi als Ausnahm gëllen, an zwar aus dem Beräich vun de soziale Wunnengen, der Aide à l'enfance an der Hëllef fir d'Familljen a Persounen, déi bestänneg oder vüörübergehend bedierfteg sinn; an dat, wann de Stat selwer de Prestataire ass, d'Prestataire vum Stat mandatéiert oder de Stat als karitativ Associatiounen unerkannt sinn. Dëst sinn nämlech Servicer, déi laut Direktiv wesentlech sinn, fir dat fundamentaalt Recht op Mënschewürd a mënschlech Integritéit ze garantéieren, gemeiss de Prinzipie vun der sozialer Kohäsioun an der Solidaritéit.

D'ASFT-Gesetz deckt de Moment net déi Aktivitéiten of, déi temporär duerchgefouert ginn, nëmmen déi, déi dauerhaft stattfannen. D'Direktiv „services“ gesäit awer d'Recht vun de Prestataire vir, fir och temporär Déngschtleeschungen, bis op déi uewe genannten Ausnahmen ausgeholl, fräi kënnen unzibidden.

Et gëtt dofir en Artikel 1bis an d'ASFT-Gesetz bäigesat, dass dës Déngschtleeschungen ouni zousätzlechen Agrément hei zu Lëtzebuerg dierfen ugebuede ginn, wa se temporär sinn, mä si kënnen zousätzlechen Exigenzen ënnerleien, déi duerch den allgemengen öffentlechen Interessi néideg sinn, wéi zum Beispill d'öffentlech Sécherheet oder d'Santé publique, wann dës Exigenzen d'Prinzipie vun der Netdiskriminierung, der Néidegkeet an der Proportionalitéit respektéieren.

Fir d'Detailler zum Ënnerscheed, deen den Europäesche Gerichtshaff mécht tëschent der Liberté d'établissement an der Liberté de prestations de services (veuillez lire: libre prestation de services) a bestëmmtene Fall, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Da gëtt an dësem Gesetzesprojet nach e weidere fundamentale Prinzip vun der Direktiv „services“ am ASFT-Gesetz agefouert, an zwar dee vun der Autorisation tacite. D'Prozeduren an d'Formalitéiten müssen erméiglechen, dass all Demande a méiglechst kuerzer Zäit behandelt gëtt. An dës rasonabelen Délai muss virdru public gemaach ginn. Dofir muss elo fir all Agrémentsdemande en Accusé de réception innerhalb vun zéng Deeg gemaach ginn.

An dësem Brëif muss drastoen: den Datum, wou d'Demande ukomm ass; den Délai vun der Instruktioun vum Dossier; d'Recoursméiglechkeeten; an dass d'Autorisatioun ginn ass, wann d'Antwort net am Délai do ass. Och muss den Demandeur esou séier wéi méiglech matgedeelt kréien, wa säin Dossier net komplett oder irrecevabel ass, ausserdeem wat e muss norechen an déi doraus erfallend Konsequenzen op den Délai vun der administrativer Instruktioun.

Et ginn e puer Méiglechkeeten am neien Artikel 2bis vum Gesetz, fir eppes ze autoriséieren. Den initialen Délai leeft un, wann déi néideg Dokumenter um Ministère sinn. An op Urode vum Statsrot gouf den Délai op dräi Méint festgesat esou wéi d'Kadergesetz vun der Direktiv „services“. Den Délai dierf eemol verlängert ginn, wann d'Komplexitéit vum Dossier dat rechtfertegt. Dat muss dem Demandeur matgedeelt ginn, gradesou wéi d'Dauer vun der Verlängerung an d'Motiver woufir.

D'Kommissioun huet nach e puer textuell Ännerunge vum Artikel 2bis virgeholl, ënner anere op Urode vum Statsrot a vun der Handelskummer.

D'Décisioun iwwert den Agrément muss esou séier wéi méiglech matgedeelt ginn. A wann d'Antwort net am Délai ukënn, dann ass den Agrément supposéiert accordéiert ze sinn.

Dann zum zweete Volet vum Gesetzesprojet, de Regierungsamendementer, déi d'Ëmsetzung vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille sollen erméiglechen. Dëst ass bekanntlech e wichtegt Gesetz, dat eng grouss Reform vun der Organisatioun vun den Hëllefsmoosname fir Kanner a Familljen, deenen et net esou gudd geet, alaut, op déi vun alle Säiten natierlech ongedëlleg gewaart gëtt.

Dofir gi souwuel d'ASFT-Gesetz wéi d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 vun der Aide à l'en-



fance et à la famille émgeännert, fir se konform ze maachen zum Statsrot sengen Avisen zu de groussherzoglechen Ausféierungsreglementer vum leschtgenannte Gesetz. Dofir huet de Statsrot sech och mat de geplangte gesetzlechen Ännerungen d'accord erkläert.

Den Artikel 6 vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 gesäit d'Kompetenze vir um Office national de l'enfance - ONE genannt -, fir de Kanner hir Ressourcen a Schwierigkeeten individuell ze evaluéieren, fir Séancen ze organiséieren, fir sech mat de Familljen an Institutionen ze concertéieren, an och fir d'Kanner an hir Elteren oder gesetzlech Vertrieeder ze motivéieren.

Den ONE kritt elo déi néideg legal Basis am erwiderten Artikel 6, fir dës dräi Kompetenzen ze iwwerdroen op spezialiséiert Servicer, deenen hir Rechter a Flichten an engem Kontrakt mat der Ministesch festgehale solle ginn. Domat gëtt et erméiglecht, dass eng onofhängeg Instanz dës Evaluatiounen mécht, déi sech just un de Besoiné vum de betroffene Kanner a Familljen orientéiert a keng budgetär Argumenter kann invoquéieren, wéi dat soss vläicht de Fall kéint sinn.

Dës Servicer brauchen awer en Agrément, deen duerno am Artikel vum ASFT-Gesetz virgesi gëtt. Den Artikel 10 vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 gesäit dann och elo vir, dass d'Evaluatioun, d'Erschaffe vun Interventiouns- oder Concertatiounsprojeten net nëmme multiprofessionellen Équipes, mä och spezialiséierten an agréierte Servicer kënnen uvertraut ginn, wann dat kontraktesch mat der Ministesch festgehale gëtt.

Effektiv huet et sech bei der Ëmsetzungsprozedur vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 erweisen, dass onofhängeg Servicer sech misste spezialiséieren op dee Package vun Dénsgchtleeschungen, déi d'Evaluatioun vun de Ressourcen, d'Orientéierung, d'Koordinatioun an d'Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun den Interventiounsprojete begräifen.

Net nëmmen d'Evaluatioun vun den individuelle Méiglechkeeten a Schwierigkeete vun engem Kand a sengem familiäre Kontext ass an de leschte Joren zu enger Schlësselfro am Sozialsektor ginn, mä och d'Wichtigkeet vun enger ganz fréier a preventiver Awierkung bei de Familljen a Kanner an Nout brauch net méi bewisen ze ginn. Et brauch een also e Service, deen an engem fréizäitege Stadium en oppent Quer fir d'Problemer huet an zesumme mat de Familljen en Interventiounsprojete entwéckelt.

Dës Roll an d'Koordinatioun dovun sollen dës spezialiséiert an agréiert Servicer - CPI genannt - iwwerhuelen. Den ONE behält awer d'Recht, fir dës Interventiounsprojeten ënnert d'Lupp ze huelen, fir se unzepassen a fir eng Décisioun zu hirem Finanzement ze huelen. Dës Interventiounsprojete ginn da vun engem Prestataire um Terrain ëmgesat. Bei eventuelle Litigé géif awer den ONE tranchéieren.

Dës Virgehensweis ass vum Ministère zesumme mat de Gestionnaires aus dem Sektour vun der Aide à l'enfance diskutéiert an erschafft ginn. De Statsrot hat awer bemängelt a sengem Avis iwwert d'groussherzoglecht Reglement zum Agrément an der Unerkennung fir den CPI, dass déi legal Basis géif feelen, fir dës esou ëmzesetzen, an hat eng Opposition formelle ausgesprach.

Bei den Diskussiounen an der parlamentarescher Kommissioun ass dës Aart a Weis, fir un d'Saach erunzegoen, vun Eenzelen a Fro gestallt ginn. Well et gréisstendeels déiselwecht Gestionnaire sinn, déi verschidden Aufgabe solle wouer hunn, war Rieds vun enger gefaartener Autoprescription. Ze bemerken, dass de Statsrot eng Démarche proposéiert hat, déi vergläichbar ass mat där vun der Fleegeversécherung, wou d'Cellule d'évaluation et d'orientation, déi jo eng Statsverwaltung ass, de Plang vun der Prise en charge ausschafft an dann de Prestataire um Terrain direkt dermat beoptragt.

Dat wollten déi betraffe Gestionnaires aus deem heiten Domän net. Esou hu se sech also zum Beispill schonn zu enger ronn eelef Associatiounen aus dem Sektour zesummegegloss an enger A.s.b.l., fir déi Missiounen vun engem CPI a voller Onofhängegkeet kënnen ze erfüllen.

Domat sinn d'Rolle kloer verdeelt. Den ONE decidéiert, ob et néideg ass oder net, dass den CPI ageschalt gëtt. Den CPI mécht dann eng grëndlech Diagnos vun der Situatioun an entwéckelt e Projet, deen en am Sënn vum Wuel vum Kand a senger Famill suivéiert a koordinéiert, währenddem de Prestataire um Terrain de Projet ausféiert an direkt beim Kand an der Famill intervenéiert.

Da gëtt nach an dem Artikel 15 vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 virgesinn, dass d'Modalitéite vun der Bedeelegung vum Stat kënnen an enger oder méi Kaderkonventiounen, déi och d'Rechter an d'Flichte vun de Gestionnaires an dem ONE festleeën a vum Minister ofgeschloss ginn, festgehale ginn. Dës erméiglecht méi eng grouss Flexibilitéit bei der präziser Bestëmmung vun de finanzielle Modalitéiten, déi schnell un d'Besoinen am Sozialsektor kënnen ugepasst ginn.

Well d'Komplexitéit an d'Gravitéit vun de Perséinlechkeetsproblemer a Verhalensstéierung bei de Kanner a Jugendlechen zouhuelen, presentéiere sech ëmmer nees nei Situatiounen, déi eng permanent Upassung vun den Dénsgchtleeschungen erfuere. De Statsrot hat monéiert, dass an deem groussherzogleche Reglement iwwert d'Organisation an de Fonctionnement vum ONE, deen hien ze aviséieren hat, de Stat de Pouvoir zougedeelt géif kréien, fir d'Konventiounen ofzeschleissen, ouni dass dat am Gesetz vum 16. Dezember 2008 verankert wier. Och hei hat déi héich Kierperschaft eng Opposition formelle ausgeschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech zum leschte Volet vum Gesetzesprojete ënnersträichen, dass d'Kadergesetz vun der Aide à l'enfance et à la famille duerch déi heiteg Gesetzesännerungen operationssäeg gëtt. Et gëtt sech e weidere Qualitéitssprong erwaart, deen déi koordinéiert sozial Integratioun vun alle Kanner a Jugendlechen an hire Famillje soll fördern, andeems se kënnen op hirt neit Recht zrëckgräifen, wa se an Nout sinn.

Dass den iwwergeuerdneten Interessi vum Kand am Mëttelpunkt steet, dierf net vergiess ginn. A bei aller selbstverständlech noutwendeger Reglementatioun dierf awer och d'Richtlinn vun der Simplification administrative net aus den Ae verluer ginn. E Paradigmewissel bedéngt duerch en neie Finanzement mat Stonneforfairen, ewech also vun der Feelbedarfsfinanzéierung, wäert fir déi staatlech wéi fir déi privat Instanzen eng grouss Erausforderung sinn, zemoos am ambulante Beräich. Mä all Neierung brauch bekanntlech eng gewëssen Ulaßzäit. Ech sinn iwwerzeegt, dass mat e bësse Bon sens op där enger wéi op där anerer Säit e gangbare Wee ze fannen ass.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen en Appel un Iech, fir dësem Gesetzestext zouestëmme. An ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun, fir dat dann ze maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval. Elo kritt den éischten agedroene Riedner d'Wuert, den Här Eugène Berger.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och direkt der Rapportrice Merci soe fir hire Bericht, de schréfftleche wéi och mëndlechen, wou een och awer an deem mëndlechen déi eng oder aner Saach verspuert huet, wou ee kéint verschidde Punkte méi kritesch gesinn, wat ech och wäert hei a menger Interventioun maachen.

Här President, wann een eng Lëscht misst opstelle vu parlamentareschen Dossieren, fir ze weisen, wéi legislativ Aarbecht net soll ausgesinn, da misst dee virleiende Projet wuel ganz uewen op dës Lëscht stoen. Do ass zum engen d'Adaptatioun vun dem ASFT-Gesetz un d'Direktiv „services“, déi op den Dezember 2006 zrëckgeet, a wou Lëtzebuerg bis Dezember 2009 Zäit hat, fir se ze transposéieren.

Ech mengen, et ass wierklech keng Publizitéit fir eist Land dobaussen, wa mer mat esou Retardé wichteg Direktiven an eis Législatioun iwwerhuelen. D'Regierung kann net op europäeschem Parquet wëlle Musterschüler spillen, wa se doheem hir Hausaufgaben net mécht. Bei dësem Volet vum Gesetz vum deem virleiende Projet de loi huet eist Land net vill Handlungsspillraum - dat muss een esou gesinn -, an et bleift ofzewarten, wéi eng Auswierkung dës Adaptatiounen op de Sektour hei zu Lëtzebuerg wäerten hunn.

Mä an dësem Projet stécht jo och nach eppes anescht dran. Dësse Projet ass jo och e bessen an Alibi oder eng Geleeënheet, fir d'Regierung aus enger mësslecher Lag an engem anere Gesetz erauszeféieren, an déi se sech selwer manövriert hat. Dësse Projet ass - wéi soll ech soen? - den Endpunkt oder soll ech soen den trauregen Héichpunkt vun engem Dossier, an deem sech d'Regierung mat alles anescht wéi mat Ruhm bekleckert huet; an zwar dem Dossier vun der Aide à l'enfance, och nach ONE genannt.

Viru bal dräi Joer hu mer hei an der Chamber iwwert d'Gesetz zur Aide à l'enfance ofge-

stëmmt. De Projet war viru méi wéi véier Joer déposiert ginn. A wann ech dat richtig an Erënnerung hunn, d'Diskussiounen, d'Virbereedunge ginn och nach méi wäit zrëck, praktesch bis an d'Ufank 2000er Joren.

An ech ka mech och ganz gutt un d'Diskussiounen an der zoustänneger Chamberskommissioun - déi lescht Diskussiounen, wou ech derbäi war - erënneren, wéi elementar Froen opstoe gelooss gi sinn, well d'Regierungsparteien, d'CSV an d'LSAP, keng Äntwerten op verschidde wesentlech Froen haten, konnte ginn, wollte ginn. Do huet ee sech dann och oft gefrot, wann een déi Diskussiounen suivéiert huet, ob do wierklech nach géif den Intérêt vun de Kanner, déi a Schwierigkeete sinn, am Mëttelpunkt stoen, oder ob do net aner Motivatiounen bei der Regierung méi wichteg wieren.

Här President, et muss ee sech dat emol eng kéier virun Aen halen: Mir schafen duerch d'Gesetz eng Institution, den Office national de l'enfance, mä mir klären am Gesetz net, wéi d'Kompetenzen an Zesummenaarbecht mat den Acteuren um Terrain sollen ausgesinn! Dës soll, deemools ass dat gesot ginn, niewent anere wichtige Punkten iwwer Règlements grand-ducaux da spéider geregelt ginn, déi an internen Aarbechtsgruppen, hanner zouenen Dieren ausgeschafft gi sinn; och net onbedéngt e Beispill vu grousser Transparenz vis-à-vis vun dem Parlament. Mä egal.

Dräi Joer huet et gedauert, fir d'Règlements grand-ducaux auszuschaffen. Ech wëll elo hei net méi am Detail dorobber agoen. Do war jo och nach déi eng oder aner Schwierigkeet. Ech hat och eng kéier eng Heure d'actualité dozou gefrot, déi mer virun e puer Méint hei an der Chamber debattéiert hunn. De Statsrot, deen huet op alle Fall ganz kritesch Avisen dozou ginn an et och an enger kloerer an däitlecher Form gesot. Et ass also eng schlecht Zensur, déi hei d'Regierung oder d'Ministesch fir hir Aarbecht ausgestallt kritt hat.

Ech wëllt just op ee wichtige Punkt agoen, dee vun der legaler Basis vun den CPLen. Ech wëllt och elo net ze vill oder iwwerhaupt eng méi generell Reflexioun iwwert de Sënn oder Netsënn vun den CPLe féieren. Ech mengen, d'Rapportrice war och ganz kuerz dorobber agaangen. Sécherlech ass dat e System, deen déi ganz Saach vereinfacht respektiv wierklech eng direkt a performant Hëllef fir déi Jonk duerstellt. Mä egal.

Wann een elo déi legal Basis vun den CPLe kuckt. De Statsrot kënnt a sengem Avis zum Schluss, datt d'Schaffung vun den CPLe bis elo keng juristesche Grondlag hat. An do gëtt et jo dann awer e Problem, well de Ministère ass higaangen an huet um Terrain an der Praxis de Schaffung vun esou CPLen awer schonn zugestëmmt gehat. Fir e Beispill ze huelen: D'Croix-Rouge huet hir Servicer ëmstrukturéiert an e Service CPI gegrënnt. D'Associatioun ACPI ass gegrënnt ginn. Dës eigentlech alles ouni legal Basis, ouni datt Règlements grand-ducaux a Kraaft getruede waren.

Ech wëll duerfir d'Madame Ministesch hei froen, op wéi enger legaler Grondlag dës Leit an de vergaangene Méint eigentlech geschafft hunn. Ënnert wéi engem Mandat hu se dat gemaach? Wat waren hir Missiounen bis elo? An dann och déi Fro: Wat wier passéiert, wann an dës Zäit en Zwëschefall passéiert wier? Hätten dann d'Gerichter erëm missen iwwert d'Verantwortung vun deenen engen oder aneren tranchéieren? Ech hat gemengt, d'Ministèren oder d'Leit insgesamt hätten hei Lektionen aus der rezenter Vergaangenheet gezunn.

Här President, mat dem Gesetz iwwert d'Aide à l'enfance huet dës Regierung déi concernéiert Mataarbechter an de Servicer an A.s.b.l. en a juristesche Grozone gefouert an hinnen hei iwwer eng gewëssen Zäit awer keng Planungssecherheet ginn. Dat hat ech och deemools scho bei menger Interventioun gesot bei der Heure d'actualité.

Ech mengen, d'DP ass frou, datt dës Zäit elo endlech op en Enn komm ass. D'DP begrësst och, datt mat dësem Gesetzesprojete elo endlech - et kann ee soen, endlech elo dann - den ONE wierklech a Kraaft kann treden, voll kann a Kraaft treden. Mir bedauern awer wierklech ausdrëcklech, datt et zum Schluss net méi esou ëm d'Wuel vun de Kanner gaangen ass, datt dat net eigentlech déi Haaptuerg an deem ganzen Dossier war. Hei ass et eigentlech am Endeffekt nach just drëms gaangen, fir do déi Dispositiven en place ze kréien, fir datt do keen d'Gesicht eigentlech soll esou richtig verléieren.

D'Fro, wéi d'Zesummenaarbecht vum ONE an de Servicer um Terrain misst organiséiert ginn, fir eng schnell, effikass a qualitativ héichwäerteg Prise en charge vun de Kanner ze garantéieren, ass leider an den Hannergrond getratt. D'Fro, wéi ee verhënnere kéint, datt d'Associatiounen aus dem socioéducativ Sektour net Juge et partie wieren, ass och nach net gekläert.

D'finanziell Ofsécherung, virun allem vun deene klengen Associatiounen, steet menger Meinung no e bessen an de Stären.

D'Regierung huet elo mat alle Mëttele versicht, en Amendement vun dem Gesetz iwwert d'Aide à l'enfance hei dann elo stëmme ze loosse an domadder nei Diskussiounen definitiv ze verhënnere. Ech si mer op alle Fall sécher, datt mer eis an de kommende Joren nach méi wéi eng kéier heibanne mat éischter negativen Auswierkung vun dësem schlechte Gesetz wäerte musse beschäftegen. An, Här President, aus deem Grond wäert sech d'DP bei dësem Projet duerfir och enthalten.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Merci un d'Madame Sylvie Andrich-Duval fir hir Ausféierungen als Rapportrice.

Nodeems ech och dësen zimlech heikelen a virun allem ganz komplexen Dossier vu menger Kollegin Viviane Loschetter geierft hunn, wëll ech nach eemol kuerz op d'Positioun zrëckkommen, déi si an de leschte Wochen, Méint a Joren dozou vertrauten huet.

Zu der Ëmsetzung vum Gesetz vum 2008, wat d'Aide à l'enfance et à la famille betrëfft, huet d'Madame Loschetter sech méi wéi eemol mat kriteschen Téin zu Wuert gemellt. Nieft enger Hällewull vu Questions parlementaires huet si eng Heure d'actualité ugefrot an huet am Mäerz 2011, also viru véier Méint, eng Motioun dozou eragereecht.

D'Objektiv vun där Motioun war, fir sämtlech Règlements grand-ducaux zu der Aide à l'enfance et à la famille am Block zrëckzezéien, fir sech fir d'Éischt emol fundamental mat der pragmatischer Ëmsetzung vum Gesetz auseneenzen. Dobäi sollt de Besoinen an den Erfahrungs vum de Bedeelegten aus dem Sektour méi geziilt Rechnung gedroe ginn.

Eng Consultatioun um Terrain ass jo schéin a gutt, mä wéi schéin ass se eréischt, wann op déi Leit gelauschert gëtt. Bedauerlecherweis ass déi Motioun awer net ugehall ginn, esou datt am Virfeld vun dësem Vote de Volet vun der praktescher Ëmsetzung an eisen Aen net zefridde stellend konnt geléist ginn.

Op den Detail vun der Madame Loschetter hire ville Kritikpunkte kann ech net méi agoen. Se si bekannt, an et géif och de Kader sprengen. Déi rout Luucht vun der Zäit géif ugoen, esou vill waren et der. Duerfir just e puer allgemeng Erklärungen, firwat mir dësem Projet de loi net wäerten zoustëmme.

Virun de leschte Chamberswahlen ass de Projet am Joer 2008 iwwert de Knéi gebrach ginn, obscho vill Ongereimtheeten zu deem Moment net behuewe waren. Den Avis vum Statsrot zu de Règlements grand-ducaux war méi wéi kritesch an huet déi Mängel bestätegt, esou datt der Madame Loschetter hir Kritik schonn deemools berechtigt war.

Dat bescht Beispill ass d'Organisation vum Réseau vun de Coordinateurs de projets d'intervention, déi och elo grad vun Här Berger erwähnt gi sinn. Ouni datt déi sougenannten CPI iwwerhaupt emol eng legal Basis haten, ass hire Fonctionnement awer schonn an de Reglementer beschriwwen ginn. Se sinn zum Deel ausgebilt an agestallt ginn, an op där anerer Säit waren der awer nach net genuch ze fannen, déi sech där vager Aufgab wollt widmen, well net ganz vill Kloeherheete bestanen hunn.

De Gestionnaires hirem Wonsch, fir d'Gesetz Aide à l'enfance nach eemol op de Leescht ze huelen, deem ass net Rechnung gedroe ginn, esou datt si der haut presentéierter Optioun am Virfeld och nëmme hallefhäerzeg zougestëmmt hunn.

Wou sti mer haut? Mir hunn en éischt Gesetz, wat gestëmmt ginn ass, ouni datt seng konkret Schwächen an Defiziter am Virfeld analyséiert gi sinn. Eng Rei Reglementer waren net ausgeräit, hu missen iwwerschaft ginn a maachen eng Adaptatioun vum Gesetz onëmänglech, fir datt et iwwerhaupt emol fonctionssäeg ka ginn. Esou een Zickzackkurs, deen an de leschte Jore stattfonnt huet, féiert elo zu engem neie Projet de loi, engem aneren, deen d'Feeler aus dem éischte Gesetz nees soll behiewen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Aart a Weis, wéi esou e wichteg a komplex Gesetz ausgeschafft an ëmgesat gëtt, ass vun eiser Säit aus kritikabel an entsprécht net de Regele vun enger effikasser Politik. Amplaz dat originaalt Gesetz op seng Stärken an haaptsächlech op seng Schwächen ze analyséieren an ze evaluéieren - „Evaluation“ ass jo e ganz aktuell Wuert -, sinn d'Décisiounen Hals iwwer Kapp am Eiltempo geholl ginn. Et ass weder der kon-



kreter Situatioun um Terrain Rechnung gedroe ginn nach de Kritikpunkte vun der Opposit-ioun.

An engem Land, wou sech den Estimatiounen no 2.000 Kanner a physescher oder morale-scher Gefor befannen, ass dat eng bedauerlech Tatsaach. Aus deene Grënn wäert déi grëng Fraktioun dëst Gesetz net stëmmen. Seng Ëmsetzung wäerte mer allerdéngs vun no verfollegen. Mir wäerten an engem Joer en Tëschebi-lan froen an déi Adaptatioune fuerderen, déi mir dee Moment fir wichteg an noutwendeg halen.

De Kanner an de Familljen aus schwierere Situatiounen erauszehëllefen, dat ass och eist Zil, an et bleift et och. An deem Sënn hoffe mir, datt déi manner oder méi grouss Divergenzen aus der leschter Zäit kënnen behuewe ginn an datt an Zukunft an enger fairer a konstruktiver Zesummenaarbecht e Gesetz zustane kënnt, wat jiddwereen zefridde stellt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Et bleift mer nach als agedroene Ried-ner den Här Hoffmann iwwreg. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här Pre-sident, déi Diskussioun iwwert déi ominéis Poli-tik vis-à-vis vun de Kanner, haaptsächlech am Zesummenhang mam Office national de l'en-fance, déi hate mer schonn. An den Här Berger an d'Madame Lorsché hunn eigentlech alles dat, wat dozou kritesch ze bemierken ass, ge-sot. Ech wëll en anere Punkt ervirgräifen, dee mir wichteg schéngt, an awer einfach emol do-run erënneren.

Mir sinn hei am Kader vun der Direktiv „servi-ces“, dat heescht, mir sinn am Kader vun deem, wat ech eng kéier hei genannt hunn „Bolkestein light“ oder „Bolkestein revisited“. Dat heescht, et stelle sech hei awer eng Rei vu Froen. Et stelle sech eng Rei vu Froe bei der Ëmsetzung vun där Direktiv, déi sech op d'Aar-bechtsrecht bezéie respektiv op d'Qualifi-katioun an op d'Qualitéit vun de Servicer.

Ech wëll dat och un engem konkreten, ee-negermoosse konkrete Beispill illustréieren. Fir d'Éischt emol gétt hei gesot, Restriktiounen sinn nëmmen erlaabt an der Direktiv - dat ass d'Di-rektiv „services“ -, Restriktiounen sinn nëmmen erlaabt, wa se den Ordre public, d'Sécurité pu-blique an esou weider betreffen. Mir wëssen entre-temps aus enger Rei vun Uerteeler vum Europäesche Gerichthaff, dass deen Ordre public an déi Sécurité publique do vun deem Gerichthaff an der Regel ganz restriktiv inter-pretéiert ginn, virun allem dann, wann et ëm den Droit du Travail geet. Restriktiv heescht an deem Sënn, net en faveur vum Droit du Travail.

Wann hei zu Lëtzebuerg eng Associatioun, déi net de Stat ass, déi net vum Stat mandatéiert ass an déi net offiziell den Titel „karitativ“ huet, wann déi e Service wëllt leeschten, da muss se awer en Agrément froen oder kann en Agré-ment froen. A wa se en Agrément fret, da kritt se och gewësse Bedéngunge gestallt, zum Bei-spill wat d'Qualifikatioun vum Personal betrëfft. Wann eng vergläichbar Associatioun, oder et kann ee souguer vläicht soen Entreprise, an deem Beräich hei op Lëtzebuerg kënnt, fir eng temporär Aktivitéit, da brauch se keen zousätz-lechen Agrément, dat heescht, da geet et duer, wa se en Agrément huet an deem Land, wou se hierkënnt.

Elo kann ee sech awer absolut virstellen, dass d'Qualifikationsuufuerderungen an deem Agré-ment, an deem Nopeschland oder an deem anere Land ganz anescht ausgesi wéi bei eis. Si kënnen dann hir Servicer hei ubidde mat enger anerer Qualifikatioun, mat manner Quali-fikatioun, also méiglecherweis och mat natier-lech anere Präisser, anere Rémunératioune fir d'Servicer selwer, an da kéint et, menger Usicht no, schonn zu enger Konkurrenz kommen, déi der Qualitéit vun de Servicer ganz sécher net dëngt.

Ausgeschlossen sinn, hunn ech virun ugedeit - an do wier ech frou, wann d'Madame Minis-tesch mech do opkläre kéint -, ausgeschlossen sinn no der Direktiv déi sougenannten „karita-tiv Associatiounen“, déi als solch vun dem Stat unerkannt wieren. A meng Fro war - an ech hat och net d'Zäit, dat genau nozekucken -, ob deen Ausdrock „karitativ Associatioun“ hei zu Lëtzebuerg e legale Begrëff ass oder net. A wann et keen ass, wat mer da mat deem Be-grëff iwwerhaapt ufänken.

Déi zweet Remarque ass déi, dass ech iwwer-haapt Problemer hu mat deem Begrëff „karita-tiv“ am Zesummenhang vu soziale Leeschtun-gen, well do si mer genau an där entgéintge-sater Logik wéi mer virun enger Stonn waren, nämlech déi vu Rechter vun de Leit a Flichte vum Stat, wat eppes anescht ass wéi eng kari-tativ Approche, déi dann awer hei komescher-

weis an offiziellen Texter vun der Europäescher Unioun erëm opdaucht.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert d'Madame Fa-milljeministesche Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, ech wëll mer eigentlech haut de Mëtteg hei kee schlechten Numm maachen, esou kuerz virun der Vakanz, och wann d'Versuchung nawell grouss ass, fir e bësse méi eng laang Ried ze halen. Ech hunn awer fonnt, vu datt d'Madame Andrich-Duval hei am Detail dee ganze Projet explizéiert huet, fir net méi op alles zrëck-zekommen an nach eng kéier alles hei duerch d'Millen ze kéieren.

(*Interruption*)

Et ass richtig - Merci, Här Wagner -, et ass rich-teg, datt mer eng Direktiv ëmzesetzen haten, déi mer hätten ewell méi laang missen ëmset-zen a wou laang driwwer diskutéiert ginn ass, ob et duer géif goen, wa mer e Kadergesetz géife maachen - wat och am Mee dëst Joer ge-stëmmt gouf - oder ob dann och nach zousätz-lech an all eenzelnem Ministère, wou et kéint de Fall sinn, datt se géifen drënnerfalen, misst légiféiert ginn. Schliesslech ass gesot ginn, et wier méi sécher, wa mer dat och nach géife maachen, an duerfir hu mer déi zwee Artikelen, vun deenen d'Madame Andrich elo grad ge-schwat huet, dragesat.

Ausgeschlossen sinn eng Partie vu Servicer - an elo kënnt dat, wat den Här Hoffmann elo just gesot huet -, dat sinn d'sozial Logementer, d'Aide à l'enfance, Hëllef fir Familljen a Persou-nen, déi bestänneg Hëllef brauchen, wann dës Servicer vum Stat, vu mandatéierte Prestatairen oder vu karitativ unerkannten Associatiounen ge-leescht ginn. Dat sinn da Servicer, déi normaler-weis - am Ënnerscheed op där anerer Säit da vu kommerziellen - dofir an domadder och kee Geld verdéngen. Et ass also an deem Sënn, wou et ze verstoen ass, an an deem Sënn ass och deen Text selbstverständlech, dee mer iwwerholl hunn aus der Direktiv selwer.

D'Autorisatiounen, an do géif ech elo wëllen - well den Här Hoffmann elo gesot huet, do kann et sinn, datt Leit kommen, déi manner Quali-fi-katiounen hunn, déi aner Qualifikatiounen hunn - lech erënneren en eng Zäit, wéi d'Lët-zebuerger Leit et schwéier haten, fir en Infir-miersdiplom ze kréien, well se et am Franséi-schen net gepackt hunn. Da sinn déi all mat Glanz und Gloria do duerchgebriedert, an da koumen déi vun Tréier, déi kee Wuert Fran-séisch konnten, déi konnte selbstverständlech, am Kader vun der Libre circulation, zu Lëtze-buerg schaffen. Et ass e bësselchen an esou Di-rektiounen, wou ech mer dat heiten och vir-stellen.

Et kann duerchaus sinn, datt an engem anere Land... Wéi gesot, ëmmer nach, Här Hoffmann, Här President, ass et jo, datt et nëmme ka si während enger temporärer, an enger tempo-rärer Moosnam; also een, deen temporär eriiwwer schaffe kënnt; een, deen definitiv wëllt schaffe kommen, muss selbstverständlech déi-selwecht Konditiounen erfëlle wéi e Lëtzebuer-ger Service, dee sech hei etabléiert. Duerfir, mengen ech, ass doranner d'Gefor net esou grouss. Mir gesi se souwisou net, mä et weess ee jo ni, wéi dat sech kann auswierken.

Duerfir, mengen ech, ass et richtig, datt mer déi zwee Artikelen eben elo do drageschriwwen hunn, fir domadder sécherzestellen... och deen am zweeten Artikel, wou ech awer fannen, dee wichteg an interessant ass. Dat ass eben deen, wou mer soen, wa mer de Leit keng Äntwert ginn, dann hu se d'Autorisation tacite, eppes, wat mer bis elo bei eis net esou vill kannt hunn.

Mir hu vill dovu geschwat, mä heiansdo wier et gutt, wa mer dat méi dacks géifen uwenden, well da géife mer méi séier virukommen, wann een dann de Leit automatesch hir Autorisatioun géif ginn; a mer och selbstverständlech gefrot gi sinn, wierklech nëmmen déi Prozeduren an déi Aarbechte bäizebhalen, déi et wierklech misste ginn. Duerfir hoffen ech, datt mer do-madder op där enger Säit déi Direktiv richtig ëmgusat hunn, op där anerer Säit awer och net nach alles méi komplizéiert gemaach hunn, wéi et muss sinn.

Den zweeten Deel, deen dréit ëm d'Aide à l'en-fance. Jo?

► **M. le Président.** - Den Här Hoffmann stellt lech gären eng Fro. Sidd Dir d'accord, Madame Ministesch, datt den Här Hoffmann lech eng Fro stellt?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Selbstverständlech, mat Plëséier!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Awer eng richtig, gell, keng rhetoresch! An der

Direktiv geet Rieds vun deenen, déi ausge-schloss sinn, an zu deene gehéieren dann ënner anerem „les associations caritatives reconnues comme telles par l'État“, an da ginn als Bei-spiller d'Kierche genannt. Duerfir meng Fro nach eng kéier: Huet dee Begrëff „association caritative reconnue par l'État“ hei zu Lëtze-buerg eng legal Basis? Hu mir iergendwou dee Begrëff stoen, an iergendengem Gesetz oder Règlement, „association caritative reconnue par l'État“?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech kann lech dat awer elo hei op de réie Mo net soen...

(*Hilarité*)

Ech kann lech héchstens...

► **Une voix.** - Eng Knippche fir d'Madame!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech kann lech héchstens soen, datt ech doranner mer déi Associatiounen a Fondatiounen, a wat et alles gétt, kéint virstellen, déi och kënnen vun de steierlechen... wou d'Leit, wann Der Donen gitt, déi Der kënnt steierlech ofsetzen. Ech loosse dat awer gären nopréiwen, mä ech kann lech, wéi gesot, awer elo à chaud net di-rekt dorobber äntworten.

Iwwert den zweeten Deel, vun der Aide à l'en-fance, do wier ech jo awer nach méi an der Versuchung, fir nach méi laang ze schwätzen. Ech wëll awer soen - op där enger Säit seet den Här Berger, wéi laang Zäit mer gebraucht hät-ten, bis mer dat fäerdeg kritt hunn, an d'Ma-dame Lorsché seet, mir hätten dat iwwert de Knéi gebrach -, da musse mer eis elo fir eng vun deenen zwou Varianten hei entscheeden.

Fir eis war et wichteg - nodeems datt an deene Reglementer, déi mer eraginn hunn an déi de Conseil d'État net positiv bewäert huet a gesot huet, mir hätte keng Base légale, weder fir d'CPlen nach fir d'Kaderkonventiounen -, datt mer gesot hunn, mir wëllen dat net maachen a mir hätte gären, datt dat géif geschéien, an duerfir hu mer effektiv och vun dësem Gesetz profitéiert, fir dat ze maachen.

Ech wëll awer wierklech insistéieren, datt dat hei net eppes ass, en Exercice, dee mer ma-chen iwwer laang Joren, a wou ech léiwer gehat hätt, e wier méi séier gaangen, wa mer et fäerdeg kritt hätten, datt et wierklech awer hei ëm den Intérêt vun de Kanner geet. Mir améséieren eis net, fir Gesetzer ze schreiwen, fir herno nëmme just ech weess net wat fäerdeg ze kréien, mä wou et eis wierklech drëm geet, datt individuell d'Kanner à charge geholl ginn.

Et ass jo dat, wat och iwwert d'CPle soll ge-schéien, déi déi Analys kënnen maachen, déi individuell kënnen soen, wat sinn d'Besoinë vum Kand, vun der Familljen, an dat ëmmer am Kader vun de Kannerrechter, wat fir eis de Guide do dervun ass; an op där anerer Säit den ONE dofir do ass, fir ze soen: „Dat ass déi dote Proposition, déi vun dem CPI gemaach gouf“; wann dat dann néideg war.

Et kann och sinn, datt den CPI net muss do agräifen, mä datt dat kann eng Décisioun vun dem ONE selwer sinn, fir eben domadder ze garantéieren, datt dat, wat mer, ech géif soen op Lëtzebuergesch „d'Guttgoe vum Kand“ dat Wichtigst wier, datt dee Bien-être eben iwwert deem steet, dem Kand säin iwwert deem steet, och vu senger Familljen.

Duerfir mengen ech wierklech, datt dat hei en Instrument ass... an ech hunn nach eng kéier, nodeems datt déi Avisë vum Conseil d'État do waren, déi Associatiounen zesummegeeruff, mat deenen dat alles ausgeschafft gouf. Dat war net an enger „dunklen Kammer“ do am Ministère, mä et ass mat den Träger um Terrain laang a breet diskutéiert ginn. Dat ass iwwregens ee Grond, firwat datt et vläicht och net grad esou séier gaangen ass, et awer dann op där anerer Säit dofir besser ka funktionéieren, wann et da bis a Kraaft ass.

Ech sinn och frou, datt d'Familljekommissioun insistéiert huet, datt deen eenzelnen CPI och muss en Agrément kréien. Dir gesitt also, datt op där enger Säit den CPI seng Roll ze spillen huet, op där anerer Säit den ONE seng Roll ze spillen huet. Wann den ONE fënnt, datt eng Moosnam net berechtigt ass oder net kohä-rent ass, da kann en dat och refuséieren a soen, datt en et net géif finanzéieren. Et ass also net, datt deen elo a senger Moyenen an a senger Décisioun domadder géif beschränkt ginn.

An dësem Moment sinn och Réunioune mam Personal amgaang, déi eben opgekläert ginn, wéi de Fonctionnement vun deem Gesetz soll sinn, wéi gesot, wat mer zesumme mat den Träger ausgeschafft hunn a vill Klengaarbecht, kann ech lech soen. Ech sinn net frou vis-à-vis vu menge Beamten, datt esou gemaach gétt, wéi wann déi hir Aarbecht net uerdentlech ge-maach hätten. Si hu sech ganz vill beméit, fir och do mat jiddwerengem op e grëngen Zweig ze kommen. A mir hoffen - wann elo dat Ganzt

gestëmmt ass, an dann duerch déi adminis-trativ Moosnamen alleguerten ënnerschriwwen ass, a wat alles dozou gehéiert fäerdeg ass -, datt mer fir den Oktober kënnen doranner operationell ginn.

Ech weess gutt, datt et net liicht ass, wann een ëmmer gesot kritt, Dir musst eppes Neies maa-chen, an dee Moment, wou een eppes Neies mécht, fënnt awer jiddwereen, datt dat Neit, wat ee mécht, eigentlech net dat Richtegt ass. Duerfir wier ech frou, wa mer deem Gesetz hei eng Chance géife ginn, datt mer et géife fonc-tionnéiere loosse a wierklech am Interessi vun de Kanner - vun deene ville Kanner, vun deenen hei geschwat gétt, vill ze ville Kanner, well jidd-wer eenzelnt ass ze vill, wann et ëm net gutt geet -, an datt mer dann och gesinn, wann iergendwou e Problem dann do ass, datt mer dat da kënnen behiewen.

Ech géif awer och wëlle just ee Wuert iwwert d'Finanze soen. Mir haten e Budget 2010 fir d'Kanner, déi eben an der Détresse waren, vun 42.360.642 Euro. De Budget 2011 ass 52.273.278 Euro, a fir de Budget 2012 hu mer gefrot, fir 60.053.398 Euro ze kréien.

Här President, ech hoffen, datt ech domadder bei deene Leit, déi elo nach Bedenken haten, déi konnt zerstreën a soe Merci all deenen, déi et stëmmen, well, wéi gesot, ech si wierklech frou, wa mer dat kënnen ëmsetzen, well ech dovun iwwerzeegt sinn, datt et am Interessi vun de Kanner ass an och vun hire Familljen. Well wann et de Kanner gutt geet, da geet et de Familljen och gutt, an ech mengen, dann hätte mer dat erreecht, wat mer wollten.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Familljeministesche. Domadder wier d'Diskus-sioun um Enn, a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséin-lech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6162 ass ugehall mat 40 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen an 12 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6162 est adopté par 39 voix pour, 7 voix contre et 14 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Norbert Haupt), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Marie-Josée Frank);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen).

Ont voté non: MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(**Négation**)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum nächste Punkt, dem Projet de loi 6262 iwwert d'Aarbechtsstonne vun de Berufsschauffeuren. Hei ass d'Riedezäit



nom Basismodell festgeluecht. Et huet bis elo just ee Riedner sech agedroen, den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

7. 6262 - Projet de loi portant transposition de la directive 2002/15/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2002 relative à l'aménagement du temps de travail des personnes exécutant des activités mobiles de transport routier pour les conducteurs indépendants

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Gesetzestext gesäit d'Ëmsetze vun enger Direktiv vir vum Joer 2002, et ass d'Direktiv 2002/15/CE, fir d'Aarbechtszäit vun de Persounen am Transportmilieu, notament op der Strooss, ze definéieren. Wann et nom Gesetz gaange wier, hätte mir dës Regelung scho säit dem Mäerz 2009 missen ëmsetzen, mä duerch eng Rei vun Ännerunge kënnen mir dat eréischt haut maachen an och eréischt haut déi néideg Voten huelen.

An engem Avis vum 28. November 2006 iwwert de Projet de loi 5559, iwwert d'Ëmsetze vun der Basis-Direktiv, war virgesinn, dass mer souwuel d'Chauffeurs salariés wéi d'Chauffeurs indépendants iwwer eng an déiselwecht Aarbechtsgenehmegungen an Aarbechtsbedéngunge kréien. An der Zwëschenzäit awer ass d'Europäesch Kommissioun zu neien Erkenntnisser komm a si wollt en Ënnerscheed maachen tëscht den indépendantë Chauffeuren an de Chauffeurs salariés.

Dës Ëmstänn hunn och d'Regierung deemools dozou gefouert, de Projet net ze maachen, an dass mer esou 2008 an der Prozedur nëmmen déi fir de Salaré ëmgësat hunn, awer net déi fir de Chauffeur indépendant, wou déi Zäit och ëmmer eng Diskussioun war: Wat ass e richteg Chauffeur indépendant a wat ass e soi-disant Chauffeur indépendant? Wou dat just géif gemaach ginn, fir d'Gesetz kënnen ze ëmgoen a wou et ganz schwiereg wier, fir déi Definitionen ze fannen. An doropshin ass de Projet deemools zrëckgezu ginn, wat d'Chauffeurs indépendants ubelaangt.

Dat hat awer och eng Konsequenz am Europäesche Parlament, well do hat d'Kommissioun eng extra Direktiv eragin, déi awer d'Zoustëmmung vum Europäesche Parlament net kritt huet a wou duerfir de 16. Juni 2010 d'Kommissioun hir Propositionen zrëckgezunn huet a gesot huet: Okay, da gi mir och dozou iwwer, fir dass jiddwereen ënnert d'Reglement 2002/15/CE soll falen.

An dësem Sënn huet dann och den Nohaltegekeetsminister den 10. Mäerz 2011 an der Chamber e Projet déposéiert. De 7. Juni ass den Avis vum Statsrot komm, de 26. Abrëll hate mer den Avis vun der Chambre de Commerce. An der Sitzung vum 23. Mäerz 2011 gouf ech zum Rapporteur vun dësem Gesetz genannt, an an darselwechter Réunioun hu mer och direkt den Avis vum Statsrot analyséiert. Mir hunn an enger zweeter Réunioun, den 29. Juni, dee Projet nach eng Kéier analyséiert. D'Nohaltegekeetskommissioun huet de 6. Juli 2011 dese Rapport ugeholl.

Den Haaptkär vun dësem Text ass et, fir d'Regelen zur Fuer- a Pausenzäit bei de Beruffschauffeuren op europäeschem Niveau unzepasen. Domadder sollen d'Sécherheet an d'Aarbechtsbedéngungen op eise Stroosse verbessert ginn. Et soll ausserdeem e faire Konkurrenzmarché entstoen, wou jiddwereen déiselwecht Chancen huet. Mir wëssen ëmmer erëm, dass déi meescht Accidenter bei de Camionen net onbedéngt duerch d'Vitesse geschéien, mä duerch d'Middegkeet! „La fatigue tue“, eng grouss Aktioun, déi ëmmer déi europäesch Transportgewerkschafte maachen, wou se opmierksam maachen op de Sekonneschlof, deen do och ka bei deene Chauffeuren ausbriechen.

Dese Projet betrëfft virun allem den Artikel 214-1 vum Code du Travail, wou mer dat scho laang drastoen hu fir déi Saliariats-Chauffeuren, mä dass och elo an Zukunft déi fräischaffend Chauffeuren dodrënner wäerte falen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir awer och nach kuerz iwwert den Avis vum Conseil d'État ze schwätzen. Wéi virdu schon ugeschwat, war de Statsrot net frou doriwwer, dass d'Definitioun vum Conducteur

indépendant net integral aus der Direktiv iwwerholl ginn ass. Esou wéi se an der Direktiv steet, gesäit d'Definitioun vir, dass de Chauffeur, deen net ënnert d'Kritären aus dem Gesetz fält, automatesch un déiselwecht Obligatiounen a Rechter gebonnen ass wéi déi fir den Travailleur mobile am Sënn vum Code du Travail.

Dës zousätzlech Prezisioun hat am Projet de loi gefeelt. Et bleift awer dozou nozedroen, dass souwuel d'Chambre des Saliariés wéi och d'Majoritéit vun de Membere vun der Nohaltegekeetskommissioun drop gehalen hunn, dass dat och misst deementspriedend am Gesetz geännert ginn, an och de Minister doropshi seng Zoustëmmung dofir ginn huet.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass et wichteg, dass mer deem Projet haut d'Zoustëmmung ginn, an dat am Intérêt vun de Sécherheetsbedéngungen op eise Stroossen an och am Intérêt vun den Aarbechtskonditiounen vun deene Leit, déi am Stroossentransport schaffen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Elo kritt d'Wuert den Här André Hoffmann.

Discussion générale

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, engersäits kann een natierlech domat averstane sinn - an dat huet den Här Spautz jo och daitlech genuch erkläert -, dass déi Chauffeuren, déi Salaré sinn, op där enger Säit, an déi, déi net Salaré sinn, op där anerer Säit, gläichgestallt ginn. En huet och déi zwee Hauptgrënn genannt, engersäits d'Fro vun de Schäinselbststännegen, fir dann d'Bestëmmungen ze ëmgoen, an op där anerer Säit selbsterständlech d'Sécherheet op de Stroossen, déi jo net nëmmen d'Chauffeure betrëfft.

Op där anerer Säit muss ech awer soen, dass déi Zäiten, déi hei um europäeschen Niveau festgeluecht sinn als maximal Zäiten, mir iwwert d'Huttschnouer ginn, a virun allem deene Leit, déi Chauffeur sinn. Bis 56 Stonnen, bis zu 60 Stonne kënnen erhéijen als Chauffeur, als Chauffeur! Dat heescht also, wat net nëmmen eng Fro ass vun den Aarbechtskonditiounen vun deene Chauffeuren, sondern erëm eng Kéier eng Fro vun der öffentlecher Sécherheet.

A well ech prinzipiell der Meenung sinn, dass d'Aarbechtszäite solle reduzéiert ginn an net op déi do Aart a Weis erhéicht ginn, duerfir enthalen ech mech och beim Gesetz.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Hoffmann. Den Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler huet elo d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Just fir all deene Merci ze soen, déi hei un deem Text geschafft hunn. An haaptsächlech dem Rapporteur, dem Här Spautz, deen hei a ganz kuerzer Zäit eng ganz schnell an eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet.

► **M. le Président**.- Merci och dem Här Nohaltegekeetsminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6262 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6262 est adopté par 59 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Christine Doerner), Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul

Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Jean Colombara (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Eisen nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6158, d'Direktiven iwwert den Zougank zu verschiddene Beruffer. Och hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Bauler, Scheuer, Kox an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

8. 6158 - Projet de loi réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et - modifiant l'article 542-2 du Code du Travail; - modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1987 concernant le colportage, la vente ambulante, l'étalage de marchandises et la sollicitation de commandes; - modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à la profession d'expert-comptable; - portant abrogation de la loi modifiée du 21 février 1976 ayant pour objet d'instaurer un jour de fermeture hebdomadaire dans les stations de vente de carburant et de lubrifiant pour véhicules automoteurs

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir beschäftegen eis haut mat der Reform vum Droit d'établissement, e Gesetz, wat zënter 1988 déi verschidden Aktivitéiten an Autorisatiounen am Beräich vum Handwerk, dem Handel, der Industrie a vun de liberale Beruffer definéiert an och encadréiert huet. Dëst Gesetz ass am Laf vun der Zäit ëmmer emol erëm punktuell adaptéiert ginn, fir d'Lescht am Joer 2004.

Dës Kéier handelt et sech allerdéngs ëm e wierklech neit Kadergesetz fir d'Nidderloosungsrecht hei zu Lëtzebuerg. Bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet de loi huet de Mëtzelstandsministère am Virfeld all déi concernéiert Organisme consultéiert an huet se och an d'Diskussiounen mat agebonnen. D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Saliariés, den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils, den Ordre des experts-comptables, de Parquet an déi national Dateschutzkommissioun hunn hir Avisen nom Dépôt vum Gesetz erageschéckt.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

Des Weideren huet d'Chamberskommissioun sech och nach mat engem Avis vu véier grouse Consulting-Firme beschäftegt an hat och eng Entrevue mat der Fédération horticole an dem Ordre des architectes et ingénieurs-conseils. Op Basis vum Statsrot an op eegen Initiativ hin huet d'Kommissioun vun de Classes moyennes eng ganz Rei Amendementer virgeschloen, vun deenen dann och zum Schluss e gudden Deel den Accord vum Statsrot fonnt huet. Ech kommen do am Laf vu menger Ried nach eng Kéier drop zrëck.

An der Kommissioun, wou ech de 27. September d'lescht Joer zum Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt gouf, hu mer eis während zweielef Sitzunge mat dësem Projet befaasst, all Kéiers a Präsenz souwuel vun der Madame Minister Françoise Hetto wéi och vun de Responsabelen aus dem Ministère des Classes moyennes.

Madame Presidentin, d'Chamber ass haut, wéi gesot, mat engem äusserst wichtege Gesetzesprojet befaasst, well et geet elei net nëmmen ëm eng Ëmännerung vun deene bestoenden

Texter, et geet elei ëm eng richteg Reform vum 88er Gesetz. Et geet ëm eng komplett Neiregelung vum Nidderloosungsrecht vun de Beruffer am Handwerk, dem Handel, der Industrie a vu verschiddene liberale Beruffer. Ech denken, datt mer mat dësem Gesetz eng Reform maachen, déi deenen Interesséierten a grousssem Mooss Satisfaktioun misst ginn.

Éier ech elo am Detail op déi verschidde Punkten aginn, wëll ech awer kuerz déi grouss Zich vun dësem neie Gesetz presentéieren. Firwat kënnt et eigentlech no méi wéi 20 Joer zu enger kompletter Reform? Do gëtt et e puer Grënn. Engersäits sollen d'Dispositionen iwwert d'Nidderloosungsrecht, déi fir de Moment a verschiddenen Texter geregelt sinn, an en eenheetlechen Text gefaasst ginn. An anerersäits war d'Suerg, de Mëtzelstand laangfristeg ofzesécheren an him Planungssécherheet fir déi nächst Joren ze ginn. E weidert Zil soll et sinn, fir dem Mëtzelstand neien Opdriff ze ginn, dat Ganz iwwert de Wee vun engem méi vereinfachten Zougank zu deene verschiddene Beruffer.

Fir de Moment ass den Zougank zu verschiddene Beruffer fir d'Lëtzebuurger Ressortisanten, déi exklusiv dem Lëtzebuurger Recht ënnerleien, méi streng geregelt wéi vläicht fir Ressortisanten aus anere Memberlänner aus der EU. Vill Länner hale sech bei der Vergab vun hiren Diplomer oder Autorisatiounen ganz einfach un déi bestehend europäesch Direktiven. Dës Direktive gesinn normalerweis manner strikt Regeln a Konditiounen vir, wéi mir dat elei bis elo zu Lëtzebuerg kannt hunn.

Dat ass eng reell Diskriminatioun, déi mat deem verleiende Projet gréisstendeels awer aus der Welt geschafe gi soll. Esou ass am Text virgesinn, d'Konditiounen fir den Zougank zu verschiddene Beruffer ze vereinfachen, andeems déi gefuerdert professionell Qualifikatiounen gelockert ginn, ouni awer d'Partikularitéiten vum Lëtzebuurger System am Mëtzelstand wëllen ze ënnergruemen oder a Fro ze stellen. Fir datt dës Lockerung vun den Zougangbestëmmungen a Saache professionell Qualifikatioun net méissbraucht gëtt, ginn d'Exigenzen an d'Kritäre vun der Honorabilité professionnelle un déi aktuell Situatioun ugepasst.

En anert Objektiv vun dësem Gesetz besteet doranner, fir déi administrativ Démarchen ze vereinfachen. Et ass dat jo e Punkt, dee sech déi aktuell Koalitioun ganz uewen op de Fändel geschriwwen huet. Et geet virun allem dorëms, fir d'Prozedur vum Ausstelle vum Nidderloosungsautorisationen ze vereinfachen. Ausserdeem gi mat dësem Gesetz och nach Deeler vun der Direktiv „services“ an d'Lëtzebuurger Recht ëmgësat, genee wéi d'Direktiv 2005/36/CE iwwert d'Unerkennung vun de professionnelle Qualifikatiounen.

Wat elo d'Haaptpunkte vum Gesetz betrëfft, esou ass Folgendes dozou ze soen: Fir kënnen elei am Land eng Aktivitéit am Beräich vum Handwerk, vum Handel oder der Industrie oder vun de liberale Beruffer auszeüben, brauch een och an Zukunft weiderhin eng Autorisation. Eng Autorisation, déi awer an Zukunft op méi minimale Qualifikationsufuerderunge fousse wäert.

Och wann de Prinzip vun enger Autorisation préalable bestoe bleift, esou gëtt den Accès zu verschiddene Beruffer awer wesentlich vereinfacht. D'Diplomer eleng sinn net méi ausschlaggebend, fir e Beruff auszeüben ze kënnen. De Brevet de maîtrise an d'Geselleprüfung bleiwen awer, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, déi traditionell Elementer vum Droit d'établissement a ginn duerch déi nei Reform nach revaloriséiert. Nieft den Diplomer kann een an Zukunft och seng professionell Experienz geltend maachen, fir selbststänneg kënnen e Beruff auszeüben. Ausserdeem kann och eng Persoun eng Autorisation d'établissement ausgestallt kréien, wa se gläichzäiteg Salaré an engem anere Betrib ass.

Duerch d'Direktiv „services“, déi méttlerweil jo jiddwerengem elei am Haus e Begrëff misst sinn, kënnt et, wéi virdu scho gesot, zu enger grousser administrativer Vereinfachung. Konkret gëtt an dësem Projet de loi d'„autorisation tacite en cas de silence de l'administration“ agefouert.

Dat ass, Madame Presidentin, eng laangjäheg Fuerderung vu villen, wann och net vun alle Parteien heibannen, mä awer och vun de Patronatsverbänn selwer. Dat ass wierklech e grouse Schrëtt a Richtung Vereinfachung a Verkierzung vun de Prozeduren. An ech wëll der Madame Hetto an hirem Ministère ausdrëcklech Merci soen, datt se mat op dese Wee gaange sinn.

Eng weider Neierung, déi d'Prozedur soll beschleunegen, ass d'Ofschaffung vun der Commission consultative, déi bis elo am Virfeld fir all Demande d'autorisation d'établissement huet missen hiren Avis ofginn, oder gefrot ginn ass.